piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Een Artikel der Fondation IDEA vum 27te Januar 2026 weist op Basis vun ADEM-Zuelen, dass et zënter dem Amtsuntrëtt vun dëser Regierung am Dezember 2023 eng allgemeng Hausse vum Chômage zu Lëtzebuerg gouf. Opfalend ass, datt d'Zuel vun de Chômeure mat lëtzebuergescher Nationalitéit ëm ronn 25 % geklommen ass. Dës Hausse läit iwwert där vu Chômeuren aus Drëttstaaten (+23 %) a wäit iwwer där vu Chômeuren aus aneren EU-Memberstaaten (+6 %).

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi erkläert de Minister dës disproportionell Hausse vum Chômage bei Persoune mat lëtzebuergescher Nationalitéit zënter Dezember 2023?
2. Wéi vill Laangzäitchômeure sinn an dësen Zuelen enthalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés